N° 6181
Reçue le 31.05.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail, de l'Emploi et
de l'Économie sociale et solidaire

**Äntwert vum Här Minister fir Aarbecht a Beschäftegung a fir Sozial- a Solidarwirtschaft Georges Engel op d'parlamentaresch Fro n°6181 vum honorablen Deputéierten Sven Clement**

**Ad. 1 & 2**

Bis elo huet nach kee Patron an och kee Salarié vun der Aféierung vun der assistance à l'inclusion dans l'emploi profitéiert. Dat heescht awer net, dass se net no bausse promouvéiert gi wär.

All Entreprise déi eng « participation au salaire » fir Salariés handicapés kritt, huet en courrier d'information iwwert d'assistance à l'inclusion dans l'emploi vum deemolegen Aarbechtsminister Dan Kersch kritt.

Dat selwecht gëllt fir all Demandeur d'emploi deen de Statut vun engem Salarié handicapé huet.

Déi Informatioun ass och un all Acteur aus dem Beräich Handicap (InfoHandicap, INDR, IMS, ATVA, FEDAS…) geschéckt ginn.

Bei all nei Demande fir eng Participatioun gëtt e Flyer matgeschéckt. Aktuell ginn et zwou Zorte vu Flyeren, ee fir d'Demandeurs d'emploi an ee fir d'Entreprisen.

Donieft sinn d'Internesitë vum Familljeministère a vun der ADEM iwwerschafft ewéi ugepasst ginn.

Et ass och eng Presentatioun zesumme mat IMS (Inspiring More Sustainability) gemaach ginn am Kader vun enger virtueller Konferenz mam Intitulé „Passerelles entre entreprises et AIP (Ateliers d'insertion professionnelle) au Luxembourg".

Desweider ass och nach eng Entrevue mat der APEMH virgesi fir op d'Froen zu dem Sujet z'äntweren.

Luxembourg, le 31 mai 2022

**(s.) Georges ENGEL**
**Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Economie sociale et solidaire**